

# Commentairen vun de Parteien zum Questionnaire vu ProVelo

## LSAP

**Zu Fro 1: Wéi eng Verännerungen brauch et an Ären Ae fir dëst ze erméiglechen/ beschleunegen?**

D'Gemengen müssen hëllef den Verännerungen sou schnell wéi méiglech ze erméiglechen .  
Dann Infoversammlungen fir d'Bierger .....neck direkt mat enger Entregnung drohen ...am  
Viirfeld mat de Lekt schwätzen.

**Zu Fro 3+4: Wat bedeit dëst fir Iech am Bezuch op d'Verdeelung vum öffentleche Raum an d'Verkéiersmanagement, besonnesch do wou et zu Enkpäss kënnt?**

Et gouf virun ~ 20 Joer verpasst fir engt Mobilitéitskonzept ze plangen an emzesetzen wéi et lo  
geplangt ass lo am PNM nationale Mobilitéitsplang aus dem Plang müssen lo sou schnell wéi  
méiglech d'Projeten emgesaat gin

**Wat ass är global Approche fir déi aktuell an zukünfteg Traficsproblemer zu Lëtzebuerg ze léisen?**

Am urbane Raum ... durch Parkhäuser de Verkéier entlasten . Tram ausbauen . Vélosweeër an  
Vélosgaren ausbauen . D'Schoulzäiten veränneren an der Vakanzzeit ass kee gréissere Problem  
am Trafic. ( z.b 8h30 )

**Wat ass déi wichtegst Iddi am Walprogramm vun ärer Partei fir d'Notzung vum Vélo an der nächster Legislaturperiode méi staark ze fërderen?**

De Mobilitéitsplang 2035 , bedeit eng multidimensional an nohaltig Éntwecklung am ganze  
Land och fir de Vélo.

## DP

### **Zu Fro 1: Wéi eng Verännerungen brauch et an Ären Ae fir dëst ze erméiglechen/ beschleunegen?**

Fir den Ausbau vum nationale Vëlospistennetz konsequent virunzedreihen, muss déi ëffentlech Hand dësem och Prioritéit ginn an déi néideg Moyenen zur Verfügung stellen. Donieft sollen d'Prozedure beschleunegt ginn, fir geplangte Projeten séier ze realiséieren. Och d'Zesummenaarbecht mat de Gemenge soll verdéift a weider Synergië geschafe ginn, notamment wat d'Schafe vu Gemengevëlosweeër an d'Ubannung un den nationale Reseau betrëfft.

### **Zu Fro 3+4: Wat bedeit dëst fir Iech am Bezuch op d'Verdeelung vum ëffentleche Raum an d'Verkéiersmanagement, besonnesch do wou et zu Enkpäss kënnt?**

D'Gestioun an Organisatioun vun der Mobilitéit mussen an den A vun der DP ganz kloer de Besoinen an dem jeeweilege Kontext Rechnung droen. Och d'Verdeelung vum ëffentleche Raum muss an där Perspektiv geschéien, ouni ee Verkéiersmëttel géint en anert auszespillen. D'DP wäert weider Busspuere schafen, fir den ëffentlechen Transport méi attraktiv ze gestalten. Donieft kann d'Fërderung vun der duusser Mobilitéit fir d'DP och nëmmen duerch d'Schafe vun ofgetrennten a séchere Vëlosweeër geschéien.

### **Wou gesidd Dir do de gréisste Besoin?**

D'DP wäert d'Attraktivitéit an d'Sécherheet vum Vëlo konsequent stäerken, fir méi Leit ze beweegen, op eng gesond a klimafrëndlech Mobilitéit ëmzeklappen. Dozou gehéiert den Ausbau vun der Infrastruktur am erweiderte Sënn (Vëlospisten, Stellplazen, Vëlosstationen etc.), wéi och d'Subventiounspolitik. D'DP wäert de bestoende reglementaresche Kader iwwerpräifen, a falls néideg upassen, fir eventuell Blockaden aus dem Wee ze raumen.

### **Wat ass är global Approche fir déi aktuell an zukünfteg Traficsproblemer zu Lëtzebuerg ze léisen?**

Fir d'DP soll jiddereen séier a bequem vun A op B kënne kommen, mat deem Verkéiersmëttel, dat senge Besoinen am beschten entsprécht. Nieft enger Vermeidung vun Deplacementer duerch eng dezentral Landesplanung an der Fërderung vum Télétravail, wäert d'DP weider massiv an d'Mobilitéitsinfrastruktur investéieren, besonnesch an den Zuch- an Tramsreseau, an de Bau vu weidere Busspueren an den Ausbau vum Vëlospistennetz.

### **Wat ass déi wichtegst Iddi am Walprogramm vun ärer Partei fir d'Notzung vum Vëlo an der nächster Legislaturperiode méi staark ze fërderen?**

Fir d'DP ass eng sécher an zesammenhängend Infrastruktur d'Viraussetzung fir d'Notzung vum Vëlo weider ze stäerken. D'DP setzt sech dofir an, d'Ëmsetzung vum nationale Vëlospistereseau ze beschleunegen an weider Synergië mat de Gemengen ze schafen, notamment wat d'Ubannung un national Vëlospiste betrëfft. Donieft wäert d'DP dofir suergen, dass an ëffentleche Gebaier Stellplazen, Casen an Duschen zur Verfügung gestallt ginn an uerchter d'Land zousätzlech mBoxen a Vëlosstationen opgestallt ginn.

## Déi Gréng

### **Zu Fro 1: Wéi eng Verännerungen brauch et an Ären Ae fir dëst ze erméiglechen/ beschleunegen?**

D'Genemegungsprozedur fir national Vëlosweeër muss beschleunegt ginn. D'Verwaltunge brauchen zousätzlech Personal fir Planung, Genehmegung, Terrain-Aquisitioun a Bau vu sämtlechen nationale Vëlosweeër kënnen an Ugrëff ze huelen a séier oofzeschléissen. Fir en zesammenhängend landeswäit Netz wëlle mir de Gemengen, zousätzlech zum aktuelle Subside fir kommunal Ueschlëss un den nationale Reseau, och 30% Subside gi fir wichteg Lächer ze fëllen, wéi z.B. fir e separate Vëloswee tëscht 2 Uertschaften.

### **Zu Fro 3+4: Wat bedeit dëst fir Iech am Bezuch op d'Verdeelung vum öffentleche Raum an d'Verkéiersmanagement, besonnesch do wou et zu Enkpäss kënt?**

Bei Enkpäss geet et emmer drem, méiglechst vill Mënschen an net méiglechst vill Gefierer duerchzekréien. Foussgänger, öffentlechen Transport a Vëlo brauche pro transportierter Persoun am mannste Plaz, a sollen och ëmmer dee kierzte Wee ugebuede kréien. Wa fir een Deel vum motoriséierten Individualverkéier keng Alternativ bei engem Enkpass méiglech ass, da soll de Stroosseraum op där Plaz esou amenagéiert ginn, dass lues gefuer gett a Cyclisten hei verkéierssécher am Trafic kenne matfueren.

### **Wou gesidd Dir do de gréisste Besoin?**

Mam nationale Mobilitéitsplang PNM 2035, dem fonctionnelle Classement vum Stroosseréseau, dem 2019er Vëlospistegesetz, der Upassung vum Code de la Route an deenen neie Riichtlinne fir Verkéiersberouegung vu Staats- a Gemengestroossen, ass d'Richtung viirginn. Nieft weideren Adaptatiounen, geet et em d'Ëmsetzen. Dofir musse fir déi grouss Projeten, déi all och eng Verbesserung fir déi aktiv an nohalteg Mobilitéit bréngen, eng ganz Rei Finanzéierungsgesetzer viirbereed a gestëmmt ginn.

### **Wat ass är global Approche fir déi aktuell an zukünfteg Trafficsproblemer zu Lëtzebuerg ze léisen?**

Mir wëlle méiglechst vill Mënschen beweegen, net méiglechst vill Gefierer. Fir dass d'Leit a ville Situatiounen iwwerhaupt eng attraktiv Alternativ zum Auto hunn, wëlle mir een zouverlässegen a confortablen öffentlechen Transport esou wéi praktesch a sécher Fouss- a Vëlosweeër ubidden. Fir dass mer dem Wuesstem an dem Stau net mat Chantieren hannendru laafen, wëlle mer déi ugefange vorausschauend Mobilitéits-Planung mat engem PNM2040 bäibehalen, a gläichzäiteg déi vill Measure vum PNM2035 ëmsetzen

### **Wat ass déi wichtigst Iddi am Walprogramm vun ärer Partei fir d'Notzung vum Vëlo an der nächster Legislaturperiode méi staark ze fërderen?**

Mam Zil, dass et méiglech gett, genee wéi mam Auto, och mam Vëlo sécher vun all Adresse bei all aner Adresse zu Lëtzebuerg ze kommen, ass déi wichtigst Measure d'Emsetze vum PNM2035, wou de Vëlo jo an all Projet matgeduecht ass. Zu eisen >15 aneneegräifende Mesuren fir d'Vëlofueren gehéiert awer z.B. och, datt mer d'Vëlospisten ewéi an Holland wëlle a roudem Belag bauen, fir dass souwuel fir de Cyclist ewéi och fir den Automobilist an de Foussgänger ëmmer kloer ass, wou dem Vëlo seng Plaz ass.

## CSV

### **Zu Fro 1: Wéi eng Verännerungen brauch et an Ären Ae fir dëst ze erméiglechen/ beschleunegen?**

De Vëlo gëtt ëmmer méi zu engem net ewech ze denkenden Transportmëttel an eisem Liewen. Fir eis ass ee sécheren Ausbau vu Verbindungsstrecken tëscht kommunalen, regionalen a nationale Vëlosweeër prioritär. Ziel dobäi ass een zesammenhängend nationale Vëlosnetz. Ausserdeem soll, wann Neibaugebidder entstinn, direkt berécksiichtegt gi wou a wéi een d'Vëlosnetz mat abauen kéint.

### **Zu Fro 3+4: Wat bedeit dëst fir Iech am Bezuch op d'Verdeelung vum ëffentlechen Raum an d'Verkéiersmanagement, besonnesch do wou et zu Enkpäss kënnt?**

Fir eis bedeit dat, dass et ëmmer nach grouss Defis'en gi wat d'Mobilitéit ugeet, souwuel am urbane wéi am ländlechen Raum. Nieft dem ëffentlechen Transport an dem Auto, brauche mer fir de Vëlo eng Zort Express-Vëlosweeër, fir sou och d'Benotze vum Vëlo am ländlechen Raum ze promovéieren. Enkpäss gesi mir och am Code de la Route, dës misst un S-Pedelecs a Pedelec45-E-Bikes adaptéiert ginn. Beim Bau vu neie Stroossen sollen deemno och direkt Vëlosweeër mat ageplangt ginn.

### **Wou gesidd Dir do de gréisste Besoin?**

Vill Leit sinn aus Sécherheetsgrënn net gewëllt mam Vëlo op d'Aarbecht ze fueren, zemoos zu de Stousszäiten. Donieft empêcheieren oft Chantieren d'Vëlofuerer an hirer Fräizäit. Et feelt u passenden Ofstellméiglechkeeten op ëffentleche Parkplazen an et misst méiglech sinn de Vëlo oder Trottinette mat an de Bus oder Tram ze huelen. Nieft legislativen Adaptéierungen hisichtlech dem Vëlo, brauche mer awer och Upassunge beim ëffentlechen Transport.

### **Wat ass är global Approche fir déi aktuell an zukünfteg Traficsproblemer zu Lëtzebuerg ze léisen?**

Eis Awunnerzuel klëmmt vu Joer zu Joer, dobäi kommen 200.000 Frontalieren déi all Dag an d'Land pendelen. De Stau zu Lëtzebuerg gehéiert zum Alldag an dat muss sech änneren. Bis 2035 wäert eis Verkéiersbewegung em 40% an d'Luucht goen. Mer müssen also dofir suergen, dass d'Bussen an Zich net méi souvill Verspéidungen hunn an d'Offer vum ëffentlechen Transport un d'Demande ugepasst gëtt, besonnesch am ländlechen Raum. Mir brauchen insgesamt eng zesammenhängend Mobilitéit, och fir Auto a Vëlo.

### **Wat ass déi wichtigst Iddi am Walprogramm vun ärer Partei fir d'Notzung vum Vëlo an der nächster Legislaturperiode méi staark ze fërderen?**

Mir wëllen eng besser Mobilitéit fir d'Land an dat duerch ee Mobilitéits-Mix tëscht ëffentlechem Transport, Auto a Vëlo. Sou soll all Bierger méi séier a méi sécher viru kommen. Den Haaptpunkt fir de Vëlo ass dobäi, dass mer eng Offer u Vëlosweeër schafe wëllen, déi fir all Bierger, mat Bléck op d'Groussregioun, eng reell Alternativ zum ëffentlechen Transport an dem Auto duerstellt.

## Déi Lénk

### **Zu Fro 1: Wéi eng Verännerungen brauch et an Ären Ae fir dëst ze erméiglechen/ beschleunegen?**

Virun allem politesche Wëllen a Prioritéit an en Ëmdenken um Niveau vun den zoustännege Verwaltungen. Dat betrëfft och d'Fro vun den Terrain'en, well d'Prozeduren fir eng Enteeugnug ginn et jo, se gi just seelen ugewandt.

### **Zu Fro 3+4: Wat bedeit dëst fir Iech am Bezuch op d'Verdeelung vum öffentleche Raum an d'Verkiersmanagement, besonnesch do wou et zu Enkpäss kënn?**

Den Ausbau vum öffentlechen Transport a vun der doucer Mobilitéit geet an déi richteg Richtung, och wann et eis net schnell genuch geet. Et däerf ee sech awer net just op d'Offer konzentréieren, och d'Demande muss méi an de Fokus réckelen. Hei brauche mer méi politesch Kohärenz fir Entwécklungen ze vermeiden, déi en onnéidege Besoin u Mobilitéit schafen. E Beispill ass d'Opginn vun öffentleche Servicer am ländleche Raum oder d'Konzentratioun vun der Grondversuergung op der grénger Wiss.

### **Wat ass är global Approche fir déi aktuell an zukünfteg Traficsproblemer zu Lëtzebuerg ze léisen?**

déi Lénk wëllen d'Investissementer an den öffentlechen Transport nach weider an d'Luucht setzen op Basis vun enger pluriannueller Strategie. Ziel muss et sinn, den Auto fir esou vill Leit wéi méiglech verzichtbar ze maachen. Dat heescht och, der Mobilitéit eng nei Prioritéit innerhalb vun der Landesplanung anzeraumen, ënnert anerem fir d'Demande u Mobilitéit zrëck ze schrauwen. Dobäi mussen och heinansdo manner populär Mesuren geholl ginn, zum Beispill Décisiounen géint den Auto am urbane Raum.

### **Wat ass déi wichtigst Iddi am Walprogramm vun ärer Partei fir d'Notzung vum Vëlo an der nächster Legislaturperiode méi staark ze fërderen?**

Mir wëllen d'Offer u séchere Vëlospisten weider ausbauen, net nëmme bannent den Uertschaften, mä och um regionalen Niveau. Dofir soll eng national Vëlosstrategie ausgeschafft ginn an Zesummenaarbecht mat den Associatiounen a Biergerinitiativen déi an deem Beräich engagéiert sinn. Ziel muss et sinn, eng koherent Infrastruktur ze schafen, déi komfortabel a sécher ass, sou datt all Mënsch a Sécherheet kann an d'Schoul oder op d'Schaff fueren.

## ADR

### **Zu Fro 1: Wéi eng Verännerungen brauch et an Ären Ae fir dëst ze erméiglechen/ beschleunegen?**

D'ADR préift hei an éischer Linn eng Vereinfachung vun de Prozeduren a stellt notamment eng besser Kommunikatioun tëschent dem Transport- an dem Ëmweltministère hir, fir, dass dës sech net géigesäiteg blockéieren. <https://adr.lu/blockeiert-den-eweltministere-lo-och-scho-velospisten/>

### **Zu Fro 3+4: Wat bedeit dëst fir Iech am Bezuch op d'Verdeelung vum öffentleche Raum an d'Verkéisersmanagement, besonnesch do wou et zu Enkpäss kënnt?**

Den öffentleche Raum ass an der Plaz knapp begrenzt. Den technologesche Fortschritt bitt laangfristeg wuel Méiglechkeeten, de Spillraum ze erweidern, zum Beispill am Beräich Tunnelbau. Fir d'ADR gëllt awer och de Käschten-Notze Prinzip. Eis Stroosse gi fir Leit, déi sech op d'Aarbecht deplacéieren a fir de Wirtschaftsverkéier gebraucht. Och Leit, déi anescht mam Auto ënnerwee sinn, droen duerch Extra-Steieren vill zum Staatsbudget bäi. Entsprechend sinn d'Prioritéiten ze definéieren.

### **Wou gesidd Dir do de gréisste Besoin?**

Den Trend weist, dass de Status vum Vélo sech vun engem Fräizäit- a Sportaccessoire hin zu engem allgemenge Fortbewegungsmittel entwéckelt. D'Zuel vun de Véloen hält deementsprechend zou, genausou d'Responsabilitéit vis-à-vis Drëtten (Autoen, Foussgänger asw.). Dëst setzt eng kloer Sécherheitsgarantie fir de Vélo souwéi e präzise juristesche Status viraus. D.h. fir eis: 1) Verbuet zu zwee niefteneen op der Strooss ze fueren 2) kloer Identifikatioun vum Vélo am Code de la Route ze definéieren

### **Wat ass är global Approche fir déi aktuell an zukünfteg Trafficsproblemer zu Lëtzebuerg ze léisen?**

Eng Begrenzung vum onkontrolléierte Wuesstum. D'Detailler dozou fannt Dir an eisem Walprogramm.

### **Wat ass déi wichtegst Iddi am Walprogramm vun ärer Partei fir d'Notzung vum Vélo an der nächster Legislaturperiode méi staark ze fërderen?**

Aus dem Mobilitéitskapitel: "Grad am ländleche Raum feelt et un engem zesammenhänkenden Netz u Vélosweeër. Vélosnetzer sinn nach ëmmer ze vill fraktionéiert a schneiden ëmmer rëm wichteg Verkéisersachsen un. D'ADR engagéiert sech dofir, dass endlech en iwweeregionaalt Gesamtkonzept fir zesammenhänkend Vélosnetzer ausgeschafft gëtt".

## Piraten

### **Zu Fro 1: Wéi eng Verännerungen brauch et an Ären Ae fir dëst ze erméiglechen/ beschleunegen?**

Strécher op d'Strooss ze molen an dës Deeler als Vëloswee ze klasséieren, motivéiert keen dozou, fir op de Vëlo ze klammen. Et musse richteg Vëlosweeër op den Haaptachsen gebaut ginn, physisch ofgetrennt vum Autosverkéier, fir de Vëlo als Gefier méi sécher, méi komfortabel an och méi schnell maachen. Duerch d'Opstellen vu Verkéiersluuchten op Kräizungen, kann de Velo op Kräizungen besser prioriséiert ginn.

### **Zu Fro 3+4: Wat bedeit dëst fir Iech am Bezuch op d'Veerdeelung vum öffentleche Raum an d'Verkéiersmanagement, besonnesch do wou et zu Enkpäss kënnt?**

Am Prinzip musse Vëlosweeër physisch getrennt vum Autosverkéier gebaut ginn, fir d'Sécherheet z'erhéijen an d'Vëlofueren z'encouragéieren. Op vill befuerene Stroossen am urbane Raum hale mer un deem Prinzip fest a prioriséiere Weeër tëschent Foussgänger a Vëlosfuerer, getrennt vum Autosverkéier. A méi rouege Quartieren an Duerfkäre kënnen Shared Spaces zesumme mat Vitesslimitatiounen agesat ginn, fir de Verkéier z'organiséieren.

### **Wou gesidd Dir do de gréisste Besoin?**

Vill Leit zögeren an hunn Angscht, fir de Vëlo ze notzen, well se fäerten, an een Accident ze geroden. Do musse mer usetzen. D'Gesetzer sinn zum gudden Deel schonn do, suergen awer eleng net fir méi Sécherheet (cf. d'Äntwert op eis QP n°6200). Et brauch een och regelméisseg Kontrollen, fir dass Reegele vum Code de la Route (wéi z.B. 1,5 Meter Ofstand beim Iwwerhuelen, Vitesskontrollen) och agehale ginn.

### **Wat ass är global Approche fir déi aktuell an zukünfteg Traficsproblemer zu Lëtzebuerg ze léisen?**

D'Mobilitéit ass enk verbonne mat eiser Landesplanung, eiser Wirtschaft an eiser Plaz an der Groussregioun. Hei musse mer ee Stéck méi wäit denken, andeems mer probéieren, fir d'Wirtschaftsaktivitéite vun der Mobilitéit z'entkuppelen, zum Beispill andeems een den Home Office fir Residenten a Frontalieren ausbaut oder méi Büroer méi no un de Grenze baut. All Persoun, déi net brauch op ee Büro bis an d'Stad ze goen, mécht eng Plaz fräi, déi aner Verkéiersdeelhueler kënnen notzen.

### **Wat ass déi wichtegst Iddi am Walprogramm vun ärer Partei fir d'Notzung vum Vëlo an der nächster Legislaturperiode méi staark ze fërderen?**

Wéi schonn ugeklongen leit eis Prioritéit kloer drop, dass d'Infrastrukturen fir d'Vëlosfuerer sécher, komfortabel a schnell ginn. Et muss a physisch ofgetrennte Vëlosweeër investéiert ginn, fir de Vëlo als Alldagsgefier an der lëtzebuerger Mentalitéit z'integréieren. Doriwwer eraus muss d'Attraktivitéit vum Vëlo, duerch Sensibiliséierungskampagnen a Subsiden, weider ausgebaut ginn.



## Fokus

### **Zu Fro 1: Wéi eng Verännerungen brauch et an Ären Ae fir dëst ze erméiglechen/ beschleunegen?**

Parallel getrennte Couloirë schafen wou de Velo wierklech a Sécherheet ass. (net just opgemolte seitlech Stroossendeeler reservéiere fir de Velo) -Et mussen onbedéngt fléissend Transitionns geschafe ginn fir datt de Velo net gezwongen ass permanent nom nächsten Uschloss un de Velositinéraire ze sichen. -Et muss d'Bereitschaft so sinn, den Autoen Raum ewegzehuelen, fir déi néideg Itinéraire fir de Velo ze realiséieren -De Velo muss d'Prioritéit kréien op alle Kräizungenoi

### **Zu Fro 3+4: Wat bedeit dëst fir Iech am Bezuch op d'Verdeelung vum öffentleche Raum an d'Verkiersmanagement, besonnesch do wou et zu Enkpäss kënnt?**

D'Mobilité douce muss an deem Mooss gefërdert ginn, datt et attraktiv gëtt sech mam Velo op engem getrennten a séchere Réseau uerchtert d'Land an am urbane Raum ze deplacéieren, an dat am Zesummespill mam öffentlechen Transport: eng d'Zort multimodale Modell fir all Bierger hei am Land.

### **Wou gesidd Dir do de gréisste Besoin?**

Gesetzlech Obligatioun fir all d'Geméngen hei am Land ënnert eneen ze vernetzen respektiv do « Brécke » mam öffentlechen Transport ze schafen wou d'Distanz fir de Velo ze grouss ass. D'Obligatioun all d'Busser mat Transportméiglechkeete fir de Velo ze equipéieren.

### **Wat ass är global Approche fir déi aktuell an zukünfteg Traficsproblemer zu Lëtzebuerg ze léisen?**

Allgeméng Incentives schafen fir de Bierger op d'mobilité douce ze kréien andeems d'Verhältnis Auto-Velo-Bus-Zuch-Tram-S-Bunn equilibriert gëtt landeswäit. Systematesch Alternative schafe fir vun A op B ze kommen, ouni datt den Auto par élimination d'Fortbewegungsmëttel N1 bleift.

### **Wat ass déi wichtigst Iddi am Walprogramm vun ärer Partei fir d'Notzung vum Vëlo an der nächster Legislaturperiode méi staark ze fërderen?**

Ee Velos Itinéraire schafen dee landeswäit komplett vernetzt ass an duerch seng kloer Separatioun vun der Strooss Sécherheet schafft fir den Usager. Intelligent multimodal Vernetzung vum Velosréseau mam öffentlechen Transport ass de Schlëssel fir d'Attraktivitéit vum Velo definitiv ze garantéieren.